Juli 2017

OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV SCHËFFLENG

CSV

CSV SCHËFFLENG

MIR WËLLE FIR EIS GEMENG WUNN- A LIEWESQUALITÉIT!

CSV Team fir Schëffleng (v.l.n.r.) : Maria Thill-Ungureanu, Richard Winandy, Carlo Lecuit, Nadine Kuhn-Metz, Claudine Dostert, Gilbert Godart, Marc Spautz, Zoé Peter, Pierrot Feiereisen, Guy Steichen, Paul Weimerskirch, Iris Huber, Isabelle Solagna-Van Goidsenoven, Jessy Morbé, Yves Marchi.

Mir wëllen eng Gemeng, déi biergerno, kannerfrëndlech, sécher, fair, lieweg a nohalteg ass!

Eng biergerno Gemeng: D'CSV wëll eng lieweg lokal Demokratie. All Bierger soll fréizäiteg, regelméisseg an ëmfaassend iwwer d'Politik an d'Entscheedungen an der Gemeng informéiert ginn. D'Matsproocherecht soll gefördert ginn.

Kannerfrëndlech Gemeng: D'CSV wëll eng Gemeng, wou jidder Eenzele sech wuelfillt, ob jonk oder al, ob Lëtzebuerger oder Net-Lëtzebuerger. Och Leit mat Behënnerung sollen an eiser Mëtt eng Plaz hunn.

Sécher Gemeng: D'CSV wëll sech asetze fir d'Sécherheet an déi ëffentlech Uerdnung an der Gemeng. E proppert Schëffleng dierf keng eidel Floskel sinn.

Fair Gemeng: D'CSV wëll dat sozialt Zesummespill stäerken. All Awunner huet d'Recht op eng aktiv Bedeelegung um Gemengeliewen

Lieweg Gemeng: D'CSV wëll de Mateneen, a setzt dofir op d'Veräiner an op d'Noperschaft. Zu enger lieweger Gemeng gehéiert och eng lieweg Geschäftswelt an e gesonde Mëttelstand.

Nohalteg Gemeng: D'CSV wëll, datt all Entscheedung nohalteg gepréift an hannerfrot gëtt. Et dierfe keng Decisiounen zu Laaschte vun eise Kanner oder Kandskanner geholl ginn.

Mir wëllen eng gesond Gemeng mat enger gudder finanzieller, economescher, ekologescher a sozialer Basis. Mir wëllen eng naturfrëndlech Gemeng.

Dës Iwwerleeungen a Philosophie sinn d'Basis fir d'Opstellung vun eisem Wahlprogramm, dee mir an de nächste Wochen a Méint finaliséieren an dem Bierger da virstellen.

DIE MOBILITÄT VERBESSERN

In den vergangenen Monaten wurden im Rahmen einer internen Zukunftswerkschaft der CSV Sektion Schifflingen mehrfach die Problematik von Mobilität und möglichen Modellen (auch neuen) zur Bewältigung der kommunalen Verkehrsprobleme erörtert und besprochen.

Die **CSV Schifflingen** hat sich zum Ziel gesetzt, alle Arten von Mobilität unter die Lupe zu nehmen sowie nach Verbesserungen zu suchen! Was kann und muss im Hinblick auf die Sicherheit der Fußgänger, der Schaffung von Radwegen sowie im Bereich des öffentlichen Verkehrs in der Gemeinde verbessert werden?

Mit der Einführung des Rufbusses und vor allem des Pedibus-Systems (die Kinder werden betreut und zu Fuß zur Schule geführt) sowie der Einrichtung der regionalen Vël'ok-Idee – drei Initiativen, die sich bewährt haben und Zuspruch kennen – hat unsere Gemeinde richtigerweise in die „Mobilité douce" investiert!

Mobilität als Zauberwort?

Ja, … vor allem ist es jedoch eine Herausforderung. Besonders auch mit dem Blick auf Personen mit reduzierter Mobilität! Auch Menschen, die auf Rollator oder Rollstuhl angewiesen sind, müssen ein Höchstmaß an Mobilität genießen können.

Die autofreie Gemeinde ist sicherlich eine Utopie. Doch es gilt aktiv zu reagieren und entsprechende Konzepte umzusetzen, die den Fussgänger und nicht das Auto in den Mittelpunkt stellen!

- Wie kann der innerörtliche Verkehr reduziert werden?
- Kann der öffentliche Transport innerhalb von Schifflingen verbessert werden? Können die Fahrten mit den TICE-Bussen nicht auch gratis sein? Hier gilt es entsprechende Verhandlung mit dem Syndikat TICE zu führen.
- Wird es möglich sein, Wohnviertel ohne Autoverkehr zu schaffen?
- Wie können die bestehenden Wohnviertel neugestaltet werden, sind Shared-Space-Projekte eine mögliche Lösung?
- Wie kann wohnen und arbeiten, jedoch auch das Einkaufen in Schifflingen verbessert und einwohnerfreundlicher organisiert werden, so dass man auch zu Fuß einkaufen kann, und nicht immer aufs Auto angewiesen ist?

Die schwierige Parkraumsituation hat sich mit dem „Parking résidentiel"-System wesentlich entschärft. Das überarbeitete Modell mit Parkscheibe und Gebühren hat sich bewährt. Es gilt dennoch die Bilanz nach gut einem Jahr zu ziehen, damit Schwachstellen behoben werden können.

PROBLEMZONE STAU

Zu Stoßzeiten sind Staus praktisch vorprogrammiert, weil zu viele Autofahrer unsere Ortschaft als Transitwege benutzen. Hier brauchen wir eine deutliche Verbesserung, damit weitaus weniger Autos durch den Ort fahren und Schifflingen eine Chance hat sich aus dem Würgegriff des Verkehrs zu lösen.

Die größten Ärgernisse für die Einwohner ist der Kreisverkehr Rond-Point Patton, wo es regelmäßig zum Rückstau in der Denis-Netgen-Straße, der Rue du Moulin und teilweise im Zentrum der Ortschaft kommt. Damit die neue Einfahrt nach Schifflingen über die neu angelegte Drusenheimer-Straße mit der Unterführung eine Verbesserung bringen wird, muss eben dieser Kreisverkehr schnellstmöglich optimiert werden.

Zufrieden zeigt sich die CSV Schifflingen allerdings, dass die Neugestaltung der Schifflinger Autobahnkreuze (die Auf- und Zufahrten zur A13) mit der Schaffung von zwei Verkehrskreiseln in Angriff genommen wird. Ziel der Arbeiten ist es bekanntlich, den Verkehr flüssiger zu machen.

MM = MASTERPLAN MOBILITÄT

Die Verbesserung der Mobilität darf sich allerdings nicht nur auf den Autoverkehr reduzieren. Mit der Anlegung eines Radfahrweges entlang der Eisenbahnlinie (von Noertzingen entlang der Maison Relais op Hudelen, über eine Brücke bis ins Ortszentrum und dann nach Esch hin) wird eine weitere Etappe beginnen, damit endlich ein kohärentes Radwegenetz in Schifflingen mit Anbindungen an die Nachbarortschaften realisiert werden kann.

Dies ist nur ein Teil eines gesamten Mobilitätsplanes, wo viele einzelne Elemente aufeinander abgestimmt werden müssen und besonders die aktive Mobilität und der öffentliche Transport weiter gefördert werden muss.

Wir wollen schnellstmöglich einen sogenannten **Masterplan Mobilität für Schifflingen!** Diesen wollen wir gemeinsam mit den Bürgern ausarbeiten.

Haut 2017: E Bléck vun uewen erof op de Chantier vun der Neier Entrée. D'Aarbechte si voll am Gang.

SCHËFFLENG ENTWÉCKELT SECH

ENG VERSCHÉINERUNG AN URBANISTESCH OPWÄERTUNG!

Muer: 2019-2020: E Bléck op déi nei Gare an d'Erneierung vun der Rue Aloyse Kayser. Ouni Zweiwel wäert de Projet an senger Integralitéit eng urbanistesch Opwäertung a gläichzäiteg eng enorm Verännerung vun eisem Duerfkär mat sech bréngen.

Am Moment ass den Zentrum vu Schëffleng e grousse Chantier. Ouni Zweiwel e Projet mat enger immenser Envergure. De Gesamtprojet vun der neier Entrée ënnert der Regie vun der CFL an Zesummenaarbecht mat der Schëfflenger Gemeng ëmfaasst:

- D'Realisatioun vun enger Ënnerféierung vun der Rue de Drüsenheim an den Duerfkär mat Suppressioun vun deenen dräi Barrièren
- D'Erneierung an d'Verlängerung vum Quai ronderëm d'Schëfflenger Gare
- Eng architektonesch an urbanistesch Neigestaltung vun der Aloyse Kayser-Strooss a vun der Plaz ronderëm déi Schëfflenger Gare
- Den Amenagement vun engem Vëloswee vun der Cité op Hudelen laanscht d'Eisebunn Richtung Kierch- a Gemengeplaz an Direktioun Esch
- Den Amenagement vun engem Lärmschutz laanscht d'Eisebunnslinn op der Streck Beetebuerg-Esch
- Des weidere sinn nei Verbindungen tëschent der Cité op Hudelen an der Cité op Soltgen geplangt resp vun der Cité Emile Mayrisch eriwwer an d'Rue de la Libération

E Gesamtprojet mat ganz ville positiven Elementer, wou allerdéngs a virun allem déi **verkéierstechnesch Konsequenzen** fir den Duerfkär an **Auswierkungen op Liewesqualitéit** zum aktuellen Zäitpunkt net ofzeschätze sinn. Dat ass a bleift eng grouss Erausfuerderung.

CSV Schëffleng plädéiert dofir mat Nodrock fir e **Mobilitéitskonzept fir ganz Schëffleng,** verbonnen e.a. mat Konzepter fir méi Verkéiersséicherheet fir Kanner, Senioren a Leit mat Behënnerung, mat der Realisatioun vu Shared-Space- a Mobilité-Douce-Konzepter; enger Reduktioun vum Trafic; enger Adaptatioun vum Ruffbus; enger Erweiderung vum Parking résidentiel; der Konstruktioun vu Parkhaiser an dem Abanne vun der Geschäftswelt. Dës Elementer aus engem moderne Mobilitéitskonzept si fir eis dobäi d'Ligne de conduite.

CSV

KLOER, NO & GERECHT.

Schëffleng liewen, **CSV WIELEN.**

Vun enormer Wichtegkeet ass fir CSV Schëffleng eng nei Verbindungsstrooss vun der Escher Strooss op der Héicht vum Rio a vum Plang iwwert Frichen vun Arbed Schëffleng direkt laanscht de Monkeler op d'Autobunn A4.Et ass dëst eng CSV Fuerderung aus dem Wahlprogramm 2011.

Et geet drëm, datt d'Awunner aus dem westlechen Deel vun Schëffleng eng passend Méiglechkeet hunn fir op Autobunn ze fueren, ouni duerch den Zentrum vun eiser Uertschaft ze passéieren. Gläichzäiteg soll duerch Zréckbauen vun der Escher Strooss vum Plang aus Richtung Esch-Neideurf, de Schläichwee fir Autofuerer duerch Schëffleng ënnerbonne ginn.

Mir sinn iwwerzeecht, datt dës CSV-Iddee eng reell Reduktioun vum Verkéier am Duerfkär mat sech bréngt, ofgesinn vun enger positiver Auswierkung op d'Liewesqualitéit.

SCHËFFLENG ON TOUR

D'Equip huet op Mammendaag e klenge Cadeau verdeelt. Beim Cactus ass gegrillt ginn, op dem Foodtruck-Festival wor den CSV Team präsent a huet e flotte Owend ënner Frënn erliewt. Eng Visite vum Chantier fir déi nei Entrée a Schëffleng ass gemeet ginn.